Rapport de la séance du conseil communal

# 15 mai 2024

Präsenzen

Jean-Luc Nosbusch (Buergermeeschter);

Bruno Grilo a Lynn Mossong (Schäffen);

Camille Hoffmann, Andreza Sanguessuga, Thomas Fellerich, Anne Kohl-Kortum, Monique Kuijpers, Cindy Dichter an Annemie Loor (Gemengeréit).

Entschëllegt: Emile Wies

Christophe Bastos (Gemengesekretär).

## Ordre du jour

Séance publique :

***Urbanisme, aménagement communal et gestion des propriétés***

**1. Approbation d'une modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier « quartier existant » (PAP QE)**

An der Sëtzung vum 27. Mäerz huet de Gemengerot d'Modifikatioun eestëmmeg gestëmmt. No der offizieller Publikatioun vum Avis am Reider, um Internetsite vun der Gemeng an an der Press haten d'Bierger Zäit bis de 7. Mee Reklamatiounen anzereechen. Et ass keng Reklamatioun erakomm an de Gemengerot huet dëse Punkt eestëmmeg approuvéiert.

D'Modifikatioun betrefft dräi Artikelen am zweete Kapitel vum PAP QE: Artikel 17 (panneaux solaires), Artikel 17 (panneaux solaires-secteurs protégé de type "environnement construit – C") an den Artikel 26 (équipements techniques fixes).

*Administration générale*

**2. Approbation de titres de recette 2023**

Den Total beleeft sech op 2.439.272,73 Euro. 2.247.290,59 Euro entfalen op d'"Recettes du fonds de dotation globale des communes". Des Weidere kommen nach ënner anerem 58.845,48 Euro vum "Impôt commercial", 41.485, 81 Euro vum Remboursement vun der TVA an 31.992,33 Euro vum Loyer a Charges locatives bäi.

**3. Approbation de l'état des restants 2023**

Cliente waren der Gemeng am Ganzen 52.379,80 Euro schëlleg an d'Receveuse Sonja Fetler huet dem Gemengerot 318,26 Euro Déchargen gefrot. Eestëmmeg gouf d'Propose ugeholl an esou bleiwen nach 52.061,64 Euro anzedreiwen.

**4. Divers**

Follgend Theme goufen ugeschwat an ugereegt:
- déi nächst Gemengerotssëtzung ass den 29. Mee um 19 Auer;
- et gouf un den "Règlement d'ordre interne" an de berodende Kommissiounen erënnert;
- Gemengerotssëtzungen Dënschdes ofzehalen an och opzehuelen;
- den Europadag war trotz der kuerzfristeger Organisatioun een Erfolleg a Merci u jiddereen, deen zu dësem Erfolleg bäigedroen huet;
- Beeforter Geschicht opzeliewen mat engem Konzept vun ënner anerem fréier Hausnimm, Stroossennimm op Lëtzebuergesch, historeschen Tour duerch Beefort an eng Zort "Promenade du Souvenir".

Remarque générale :

Le présent rapport reproduit brièvement les décisions formelles prises par le conseil communal en sa séance du 15 mai 2024. Les indications susvisées sont données sans engagement et sous toutes réserves. En cas d'incohérence, d'erreur ou de divergence, seules les délibérations dûment signées par la majorité des membres du conseil communal font foi.

Beaufort, le 16 mai 2024

Le collège des bourgmestre et échevins